



Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Mam Laf vun der Zäit kënnen ëmmer manner Zäitzeie vum Zweete Weltkrich vun hiren Erlebnisser erzielen. D'Situatioun vun der lëtzebuergescher Bevëlkerung, d'Zwangsrekrutéierungen, d'Resistenzbeweegung an d'Geschicht vun eenzele Friddenskämpfer, wéi dem Raymond Petit, sinn a bleiwen e wichteg Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Geschicht. Den Unterrecht an der Schoul, a besonnesch de Geschichtsunterricht, spillen eng wichteg Roll fir d'Lëtzebuerger Resistenzbeweegungen am kollektive Gediechtnes ze verankeren.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

- A wéi wäit gëtt d'Situatioun vun der lëtzebuergescher Populatioun während dem Zweete Weltkrich aktuell am Schoulunterricht thematiséiert? A wéi wäit gëtt der lëtzebuergescher Resistenzbeweegung am Schoulunterricht Rechnung gedroen?
- Gedenkt d'Regierung an Zukunft d'Resistenzbeweegung an d'Geschicht vu bedeitende Resistenzler, wéi dem Raymond Petit, an Zukunft méi am Schoulunterricht ze förderen?
- Ënnerstëtzt d'Regierung d'Organisatioun vu Visitten op Gedenkplazen aus dem Zweete Weltkrich hei zu Lëtzebuerg an am Ausland fir Jonker am Enseignement Secondaire?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 7381 vun der honorabeler Deputéierte Francine Closener**

Ech verweisen hei op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 7371, déi sech mat deem selwechte Sujet befaasst.

Ergänzend wëll ech nach folgend Remarquen zu de Visitten bäidroen: Visitten op Gedenkplazen aus dem Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg an am Ausland ginn am Kader vun der Autonomie vun de Lycéeën organiséiert; dës Initiative gi selbstverständlech vun der Regierung encouragéiert.

Ech wëll am Kontext vun de Visitten och op eng nei Offer opmierksam maachen, nämlech de Bildungszentrum vu Fünfbunnen. Lëtzebuerg huet elo eng Plaz, déi enk mat der Geschicht vum Zweete Weltkrich verbonden ass an et Schouklasse, Jonken an Erwuessenen erlaabt, op ee Lieu de Mémoire ze goen an sech do mat Themen aus der Vergaangenheet an aus der Géigewaart ze befaassen. Den Themespektrum vun den Aktivitéiten, déi zesumme vum Service national de la jeunesse (SNJ) an dem Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) do ugebuede ginn, ass ganz breet: Krich, Diktatur, Rassismus (Antisemitismus) bis hin zu verschiddenste Forme vu Mënschefeindlechkeet kënnen thematiséiert ginn. Eng Equipe pédagogique ass op der Plaz fir Gruppen ze empfänken an ze encadréieren. Mëi Informatiounen fënnt een op www.cinqfontaines.lu respektiv op www.zpb.lu.

Et gëtt natierlech eng Rei aner Plazen, déi kënnen opgesicht ginn, z. B. de Musée national d'Histoire militaire zu Dikrech oder de Musée national de la Résistance et des Droits humains zu Esch/Uelzecht, déi allen zwee eng qualitativ héichwäerteg pädagogesch Offer fir Schoulen hunn.

Zousätzlech kann een Acteuren aus der Zivilgesellschaft ernimmen, déi och Offeren hunn, an notament op Lieux de Mémoire am Ausland fueren, an dës zënter Joerzénge. Stellverriedend géif ech hei nennen:

- *D'Amicale Mauthausen*, déi eemol am Joer an dat fréiert KZ vu Mauthausen an Éisträich fiert. Zu Mauthausen ware vill Lëtzebuerger wéinst hirem Widderstand géint d'NS-Diktatur inhaftéiert.
- *D'Associatioun Témoins de la 2e Génération*, déi all Joer eng Rees an dat fréiert KZ a Vernichtungslager vun Auschwitz-Birkenau organiséiert fir Schülerinnen a Schüler aus de Lycéeën. (cf. www.temoins.lu).

Lëtzebuerg, de 17. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH